ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 11. Mai 2022

Rapport vun der CCSport 6/2022

Presenzen

Present	Net present
Nicole, Patrick, Joske, Miguel, Anny, Mich, Manou an Joe	Marcel, Pit an Pier(alleguerten entschëllegt)

Punkt 1 : Usproch vun der Presidentin

D'Nicole begréisst all d'Memberen vun der Kommissioun.

Punkt 2 : Unhuelen vum leschten Sëtzungsbericht

De Sëtzungsbericht vum 26.Abrëll 2022 gëtt unanim vun der CCSport ugeholl.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 11. Mai 2022

Punkt 3: Feedback vun der Sportleréierung (07.05.2022)

Wat den Oflaf vun der Sportleréierung ugeet, kënne mir just een positiven Feedback un d'Gemeng weiderginn. Dat Ganzt ass vun Ufank bis zum Schluss super ofgelaf(laut der Präsidentin), ob dat d'Sportleréierung selwer war oder d'Eierung vum Charel Grethen.

Zwou Saachen sinn allerdéngs ze bemierken! Dat éischt ass, datt mir als CCSport ëm eisen Avis(Sportleréierung) gefrot ginn sinn, dësen awer net esou vum Schäfferot zeréckbehal gouf, obschon mir eis relatif genau un d'Critèren gehaal hunn. An zweetens hunn mir weder eng offiziel nach eng inoffiziel Aluedung kritt, fir ob dëser Sportleréierung deelzehuelen.

Zousätzlech géifen mir et als CCSport appreciéieren, wann mir fir den Avis fir dës Sportléierung d'nächst Joer ee bëssen méi Zäit

géifen kréien.

Eventuell kéinten mir als CCSport och bei der Planifikatioun vun dësem Evenement mat agebonnen ginn.(wann dat gewollt ass)

Wat d'Sportleréierung ugeet ass d'CCSport unanim der Meenung, datt dësen Dag genausou soll oflaafen, ewéi dëst Joer! D'Sportler sollen eenzel geeiert ginn an net am Zesummenhaang mat aneren Evenementer, wéi zum Beispill „Nationalfeierdag".

D'Critèren fir d'Sportleréierung missten iwwerschafft ginn, esou ewéi och een ROI misst ausgeschafft ginn betreffend d'CCSport.

D'Nicole erklärt, datt hat déi Aufgab net wäert maachen, vu datt dat Joer, no de Walen, eng nei Opstellung vun all Kommissioun kënnt an déi vläit ganz aner Iddien huet. Wann awer déi aner Memberen vun der CCSport sech dëser Aufgab wëlen unhuelen, ganz gäer.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 11. Mai 2022

4)SUIVI vun de (Schnupper)coursen,

Organisatioun September 2022

De Manou setzt sech mat engem Responsablen vum Krav Maga zesummen fir dës Aktivitéit eventuell ubinnen ze kënnen.

Wat de Cours vum Tania ugeet, sinn mir als CCSport der Meenung(wéi och vun Ufank un gesot), datt hat sech no dësen Schnupperwochen mat der Gemeng soll zesummensetzen, wéi

respektiv ob seng Coursen nach ugebueden ginn an ënnert wéi enger Form.

Mir wieren als CCSport natierlech frou, wann dës Coursen géifen weider ugebueden ginn, och wann ënnert enger anerer Form.

D'Nicole kontaktéiert den Directeur technique vun der FELUBA en vue vun enger Invitatioun (Feedback Schnuppercoursen+Organisatioun September 2022) fir ons

nächst Reunioun CCSport. (vu datt dës Sportart och ee groussen Zoulaf hat, souwuel bei deenen jonken, wéi och bei deenen eeleren Leit)

Fir am September 2022 hunn mir als CCSport eis Gedanken gemaach an hunn spontan un de Krav Maga geduercht.

De Manou kontaktéiert de Responsablen vum Krav Maga an gëtt der CCSport an der nächster Versammlung een Feedback.

5) Verschiddenes

Wat „Nuit du Sport“ ugeet waren mir als CCSport an deenen verschiddenen Informatiounsversammlung vertrueden, dëst duerch de Joske, Pier an duerch mech(Joe)

CCSport stellt fest, datt d’Gemeng schon gutt Viraarbecht geleescht huet an sie och schon am Dialog mat deenen chargéierten Leit vum Sportsministère sinn.

D’nächst Joer missten mir, respektiv Gemeng vill éischter mat der Planificatioun ufänken, dat heescht, datt mir eis schon enn dëst

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 11. Mai 2022

Joer(2022) umellen fir och sämtlech Informatiounsversmmlung matzekréien.(wann mir dës wëllen)

Déi nächst Versammlung ass fir den 28. Juni 2022 ëm 19h30 zu Bruch an der Koll geplangt.

-Invité, Krav Maga 20h00

-Invité, Badminitonfederatioun 19h30

Joe Heinz

Sekretär vun der CCSport